N°530
Entrée le 25.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Enn Februar huet een vun enger ganzer Réi Fäll vu bloem Houscht héieren. No engem éischte Bericht um RTL iwwert de Lycée Ermesinde ass et an de Medien awer roueg ginn. Virun allem fir Puppelcher ass d'Krankheet ganz geféierlech.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Schüler si säit Ufanks des Joers um bloen Houscht erkrankt? Huet sech d'Situatioun säit Enn Februar verbessert oder verschlechtert?
2. Wéi vill Enseignanten si säit Ufanks des Joers um bloen Houscht erkrankt? Huet sech d'Situatioun säit Enn Februar verbessert oder verschlechtert?
3. Wéi vill Ariichtunge waren heivu betraff (Primärschoulen, Maison relais, Crèchen a Lycéeën)?
4. Sinn nach weider Impfstatiounen ageriicht ginn, ausser déi am Lycée Ermesinde?
5. Wéi vill Impfdose fir géint de bloen Houscht ze impfen huet Lëtzebuerg am Moment op Stock?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten


LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet an vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 530 vum 25. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement an vum honorabelen Deputéierten Här Ben Polidori.**

*1. Wéi vill Schüler si säit Ufanks des Joers um bloen Houscht erkrankt? Huet sech d'Situatioun säit Enn Februar verbessert oder verschlechtert?*

Säit Ufanks des Joers (Zäitraum vu Januar 2024 bis 7. Abrëll 2024), goufen 376 Fäll vu bloem Houscht, och nach Keuchhusten oder Coqueluche genannt, gemellt. Dovu sinn 281 Fäll Schüler.

Follgende Graphique weist d'Verdeelung op déi verschidden Altersklassen vum 1. Januar 2024 bis de 7. Abrëll 2024:




*2. Wéi vill Enseignanten si säit Ufanks des Joers um bloen Houscht erkrankt? Huet sech d'Situatioun säit Enn Februar verbessert oder verschlechtert?*

Säit Ufanks des Joers sinn 10 Enseignantë betraff gewiescht, hei bleift Situatioun stabel, ouni grouss Verännerungen.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*3. Wéi vill Ariichtunge waren heivu betraff (Primärschoulen, Maison relais, Crèchen a Lycéeën)?*

Stand vum 7. Abrëll 2024 war d'Zuel vun betraffen Ariichtungen déi follgend:

Grondschoulen: 53
Lycéeën: 47
Crèchen: 3

Zu de Maisons Relais kann de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet keng genau Informatioune ginn, well eis Donnéeën net präzis genuch sinn.

*4. Sinn nach weider Impfstatiounen ageriicht ginn, ausser déi am Lycée Ermesinde?*

D'Inspection Sanitaire war den 19. Mäerz 2024 och an de Lycée classique de Diekirch eng Impfcampagne maachen, dat nodeems sech an dësem Lycée och ee gréissere Cluster erauskristalliséiert hat. Bei dëser Interventioun goufen d'Impfkaarte vun de Schüler an Enseignantë kontrolléiert a wann néideg, a wann eng autorisatioun parentale virlouch, gouf op der Platz geimpft.

Och des Campagne gouf ganz gutt vun de Schüler, hiren Elteren an Enseignantë ugeholl, sou dass och do d'Infektiounskette konnt ënnerbrach ginn.

D'Inspection sanitaire huet ob deen Dag, am Lycée classique de Diekirch, 981 Impfkaarte kontrolléiert an 380 Persounen op der Platz geimpft.

*5. Wéi vill Impfdose fir géint de bloen Houscht ze impfen huet Lëtzebuerg am Moment op Stock?*

D'Unzuel un Impfdosen op den 2. Abrëll 2024 zu Lëtzebuerg war follgend:

- Vaccin D, T, aP (diphtérie, tétanos, coqueluche) : 2.785 Dosen
- Vaccin D, T, aP, IPV (diphtérie, tétanos, coqueluche, poliomyélite) : 5.443 Dosen

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez